# Krichserklärung vum aachte Mee 1995

Mäi Grousspapp war Usträicher.
Mäi Papp as Polizist.
Am Krich war mäi Grousspapp géint d'Preisen.
Mat senger Camionette huet en d'Jongen iwwert d'Grenz bruecht,
déi, déi nët wollten an d'Wehrmacht goen.
En hat Angscht; a wann d'Gestapo koum fir e matzehuelen
huet en sech verstoppt, mee en huet weider dat gemaach,
wat e fir richteg gehalen huet.

Mäi Papp as haut do, fir Menschen, déi geflücht sin
erëm zréck ze schécken,
a wann ech se géng verstoppen,
da misst hie mech festhuelen an alachen,
an ech hun Angscht, fir dat ze maachen,
wat ech fir richteg halen.

Wéi déi fett Scheichen aus dem Kuwait vun
engem dréckegen Diktator verdriwwe goufen,
do hun se eng Milliard gespend,
am Krich fir d'Rettung vum Petrolspräis.
Dat war dann d'Solidaritéit vun engem klénge Vollék,
dat och ënnert friemer Besatzung gelidden hat ...

Wa jonk Albaner aus dem Kosovo fortlafe well se nët
an enger Arméi kämpfe wëllen, déi hiirt Vollek ënnerdréckt,
da fällt kéngem esou e Verglach an.
Déi puer Flüchtlingen déi an d'Land kommen,
probéiere se méiglechst onopfälleg erëm zréck ze schécken,
a jhust aus Angscht, dass zevill driwwer geschwat géif,
hun se deenen déi an der Kathedral
en Hongerstreik ugefaang haten, erlaabt,
hei ze bleiwen. - Mee lo passen s'op,
dass kee méi era kënnt.

Verfluchte Generatioun!
Hir Bequemlechkeet as hinne méi wichteg wéi d'Liewe vu Flüchtlingen!
Bensin as hinne méi wäert wéi Mënscheblutt!
Kann ech heibleiwen, muss ech fortlafen?
Kann ech mech lass soen, muss ech mech wiren?

Lëtzebuerg, mäi Lëtzebuerg, du
konns vläicht stolz sin, - haut
muss de dech jhust nach schummen.
Lëtzebuerg, du eekels mech, - heimat
erklären ech der de Krich.

RK